# CAHIER DES CHARGES




Mäi Choix

sne

syndicat
national des
enseignants
cgfp

# CAHIER DES CHARGES
# VOIE DE PRÉPARATION 2025
# DU SNE/CGFP

Le présent cahier des charges a été rédigé par le Comité central du sne/cgfp suite aux rencontres avec ses membres lors des réunions régionales organisées en 2025.

Lien vers le cahier des charges général du sne/cgfp :

Lien vers le cahier des charges I-EBS du sne/cgfp :

## Praktescht Léieren an de Stagen an am Atelier

Stageperiode sinn net offiziell am «Horaires et programmes» oder an engem Gesetz agedroen.
D'Bewäertung vun engem «Stage d'orientation professionnelle» fënnt een net erëm op der offizieller Zensur vum Schüler.
Andeems d'Schoulpflicht op 18 Joer erhéicht gëtt, wäerten an Zukunft nach méi Schüler eng Stageplaz brauchen. D'Zuel vun de Betriber, déi Schüler an de Stage kéinten huelen, wiisst awer net mat.
Et feelt u «Maîtres de Cours spéciaux», déi en Atelier an der Schoul ubidde kënnen. Dës Ateliere sinn awer enorm wichteg, well hei kënnt de Schüler vun der VP oft fir déi éischte Kéier a Kontakt mat engem Handwierk. Gläichzäiteg feelen a ville Schoulgebaier genuch Raimlechkeeten, fir Atelieren ofzehalen, well an de leschte Joren a verschiddene Lycéeën Atelierssäll zu Schoulsäll ëmfunktionéiert goufen.

### Fuerderunge vum SNE/CGFP:

1. Stageperiode mussen hir offiziell Plaz am «Horaires et programmes» fannen.
2. Bei Ausstelle vun der Zensur muss och de Stageperiode Rechnung gedroe ginn an eng offiziell Bewäertung an / oder e Kommentar zum Stage muss dem VP–Schüler op der Zensur matgedeelt ginn.
3. Fir der Aarbecht vun dem Enseignant–Orienteur méi gerecht ze ginn, soll de Koeffizient vun den ACILO–Dechargen no uewen ugepasst ginn.
4. D'Schoule misste kënnen op eng offiziell national Datebank zréckgräife fir Stagen ze organiséieren.
5. Fir méi Patronen ze iwwerzeegen an ze motivéieren, datt si sech bereet erklären, e VP–Schüler an enger Stageperiod ze betreien, mussen d'Betriber besser informéiert ginn, wat genee vun hinnen erwaart gëtt. Hei mussen extern Partner mat agebonne ginn, well de Lycée eleng dës Kontakter net kann hierstellen.
6. Donieft musse Staat a Gemenge méi Responsabilitéit iwwerhuelen a selwer ausbilden. Dëst besonnesch fir dem VP–Schüler mat spezifesche Besoinen no der 5P eng méi grouss Chance op eng Léier um CCP-Niveau ze ginn.
7. Enseignanten aus der VP mussen, am Kader vun hire Formatiounstonnen, sech an deenen Domainer weiderbilde kënnen, wou et u «Maîtres de Cours spéciaux» feelt. Als Plaz bitt sech hei den CNFPC un. En zolitt Grondwëssen, wat den Ëmgang mat Maschinne betrëfft, zu Aarbechte mat Holz oder Metall souwéi an der Mechanik oder an der Elektrotechnik geet duer, fir dem VP–Schüler seng Begeeschterung fir dëst Handwierk ze erwächen.

# PROBLEMATIK B

## Sproochen

Vill Léiermaterialie sinn dem Lëtzebuerger Sproochenniveau net ugepasst, an et gëtt a ville Fächer keng ugepasste Bicher fir eng VP. Dëst léist e grousse Fräiraum fir d'Enseignanten. Fir mat Léiermaterialien an Ënnerlage schaffen ze kënnen, déi der Sproocheproblematik an der VP gerecht ginn, schafft den Enseignant ganz oft seng eege Materialien aus. All VP–Schüler brauch nämlech e liicht verständlechen, attraktiven an ugepasste Support. Dobäi ass et oft d'Léisung, dem Schüler den Text op e puer Sproochen ze presentéieren. Den Enseignant huet also mindestens duebel Aarbecht, an dat ouni datt deem Rechnung gedroe gëtt.
Den i–Pad, deen esou en differenzéiert Schaffen op méi Sprooche vereinfacht, gëtt ofgeschaaft vu 7e bis 5e.
D'Wichtegkeet an d'Roll vum Lëtzebuergeschen ass all Enseignant bewosst, mee de Sproochenniveau hëlt ëmmer méi of an der VP. Dëst, well d'Zuel vu Kanner, déi doheem mat Lëtzebuergesch opwuessen, erofgeet. Dës Problematik weist sech virun allem op de francofone Klasse vun der VP.
Aktuell gëtt déi englesch Sprooch nëmmen als Optiounsfach mat enger gerénger Stonnenzuel ugebueden.
Ausbildungen op DAP–Niveau sollen ab 2027 zweesproocheg sinn, och hei gëtt et keng Offer op Englesch.

Fuerderunge vum SNE/CGFP:

1. Op francofone VP–Klasse stellt sech d'Fro vun der Roll vum Lëtzebuergesche méi konkret. Et ass ongerecht, datt de Schüler op enger francofoner VP maximal 6 Modüllen am Lëtzebuergeschen erreeche kann, wou déi aner VP–Schüler awer bis zu 9 ALLUX Modüllen erreeche kënnen. Dofir wär hei eng Méiglechkeet, déi englesch Sprooch op 9 Modüllen auszebauen a Lëtzebuergesch als Optiounsfach unzebidden.

2. Well d'Zuel vu Schüler, déi an engem francofone VP–System besser Chancë gesinn, weider klëmmt a weider klamme wäert (Projet ALPHA), musse méi Klasse geschafe ginn. D'Léisung kann et net sinn, datt d'Unzuel vu Schüler pro Klass weider eropgeet, einfach well et net genuch Schoulgebaier ginn, déi eng francofon VP ubidde kënne.


3. Bei der Orientatioun am Cycle 4.2 gëtt festgestallt, datt vill Schüler net op eng francofon VP orientéiert ginn, obwuel si vum Profil hier dohinner passen. Hei ass weiderhin eng besser Opklärung vun de Méiglechkeeten, déi eise Schoulsystem bidde kann, néideg. Den Austausch tëschent der VP an dem Cycle 4 soll besser organiséiert ginn, fir d'Orientatioun vun de Schüler ze verbesseren. E «Conseil d'orientation» mat der Participatioun vun Enseignanten aus dem ES an ESG/VP géif hei eng wichteg qualitativ Opklärung leeschten.

4. Bei der Orientatioun an eng international Schoul kann doriwwer nogeduecht ginn, ob fir den ESG net 2 Sproochen erfuerderlech kënne sinn amplaz 3. An deem Kontext muss een och d'Fro stellen, op an der VP d'Konzept vun enger staarker an enger schwaacher Sprooch (L1 an L2) unzedenken ass.

5. Déi englesch Sprooch muss verstäerkt enseignéiert ginn, well se an der Beruffswelt ëmmer méi wichteg wäert ginn an deenen nächste Joerzéngten. En Enseignement a Modülle wär och hei eng Méiglechkeet.

6. Aktuell ass eng Majoratioun vum Koeffizient vu +0,2 eréischt bei dräi Modüllen oder zwee Schouljore pro Schülergrupp virgesinn. Mee och den Enseignant, deen zwee ënnerschiddlech Modülle respektiv e puer parallel Programmer pro Schülergrupp ënnerriicht a méisproocheg Materialien ausschafft, huet e considerabele Méi un Aarbecht, ouni datt dat an der Berechnung vun der Tâche berücksichtegt ginn ass. Dës Reegelung muss deementspriechend ugepasst ginn! Erënnere mer hei dorunner, datt de modülläre System vum Prinzip hier esou ugeduecht gi war, datt een Enseignant pro Modüll virzegesinn ass. Dëst, well grad déi schwaach VP-Schüler wéineg Autonomie hunn an deemno an hirem eegene Rhythmus mat der entspriechender Betreiung solle schaffe kënnen.

7. Klasse vun der VP solle weiderhin d'Méiglechkeet kréien, den i–Pad als pädagogeschen Outil notzen ze kënnen. Een i–Padkoffer pro Klass, deen am Schoulgebai bleift, géif d'Screen-Life-Balance vum Schüler garantéieren. Vill Unterrechtsstonne ginn nämlech grad duerch e Visualiséiere mat faarwege Biller, flotten Ecoutten oder duerch Filmer eréischt fir si gräifbar. Och de Sproocheproblem léisst sech duerch den Asaz vum i–Pad besser handhaben. Schlussendlech solle gratis Fotokopië fir VP–Schüler och ëmmer faarweg geprint däerfe ginn, wann et Sënn mécht. Hei sollen d'Direktioune kee Veto aus Käschtegrënn aleeë kënnen. Erënnere mer nach eemol dorunner, datt de VP–Schüler oft kee Buch mat faarwegen Duerstellungen zur Verfügung gestallt kritt huet.



# PROBLEMATIK C

## Betreiung vum Schüler an Aarbechtskonditioune vum Enseignant

Den Enseignement an der VP ass hautdesdaags e vill méi komplexe Beruff mat méi Erausfuerderungen ewéi nach viru Joren. Dëst einfach well vill Problematike bäikomm sinn.
De Schüler mat «Besoins spécifiques», deen eng Sonnerbetreiung an der «Ecole fondamentale» hat, kann an der VP oft net zefriddestellend betreit ginn duerch d'ESEB.
Fir Schüler, déi en Disziplinsproblem hunn an aktuell net beschoulbar sinn, ginn et ze oft keng adequat Mesuren.
Plaze fir eng effektiv psychologesch Betreiung an eise Klinicken si meeschtens besat.
Wann Enseignanten an der VP krankheetsbedéngt feelen, ass kee «Pool des Remplaçants» wéi am EF do, fir se ze ersetzen an esou sécherzestellen, datt net ze vill Schoulstonnen ausfale mussen.
Dacks ass déi aktuell Budgetsplanung eng Brems, wann et drëms geet, flott an ofwiesslungsräich Atelieren an der Schoul kënnen unzebidden. Am Ufank vum Kalennerjoer ass nach net ofzegesinn, wat no der Schoulrentrée am September vu Budget gebraucht gëtt.

Fuerderunge vum SNE/CGFP:

1. ESEB-Interventiounen a Férdermesurë mussen an der VP méi séier ëmgesat kënne ginn. Personal, wat exklusiv fir d'VP schafft, muss an all Schoulgebai agestallt ginn, fir eng effektiv Assistance an der Klasse leeschten ze kënnen. E puer Stonne pro Woch pro Schüler ginn hei net duer, wann de Schüler an der EF vill méi Betreiung hat. Den «Instituteur spécialisé (I–EBS)» muss endlech Realitéit um VP–Terrain ginn!

2. Bei schouleschen Decisiounen an deem Kontext mussen den Enseignant an déi professionell Acteuren dat leschte Wuert kënnen hunn.

3. Fir d'Iwwerlaaschtung vun Enseignanten duerch Iwwerstonne bei Krankheetsfäll ze bekämpfen, muss och fir d'VP e «Pool de Remplaçants» geschafe ginn. Den aktuelle Stage fir an der EF kënnen ersetzen ze goe muss ugepasst ginn, andeems d'Kandidaten och an der VP e puer Woche verbréngen. Dës Kandidate mussen duerno och fir e Remplacement vu längerer Dauer an der VP kënnen ugefrot ginn.

4. D'Systematik, datt Iwwerstonnen ewechfalen, wann den Enseignant méi wéi 3 Deeg feelt, muss an deem Kontext iwwerschafft ginn. Den UNTIS-Programm muss esou ëmprogramméiert gi wéi am EF, datt déi tatsächlech Unzuel vu Feelstonnen berechent an net méi d'office deegweis ofgerechent gëtt.

5. All «Poste à responsabilité» soll kënnen déi voll Unzuel u Punkten ausbezuelt kréien. Och wann den Enseignant schonn eng aner Prime zougesprach kritt huet, sollt hie kënnen déi zwou behalen.




6. Fir den ëmmer méi groussen Erausfuerderungen un den Enseignant aus der VP gerecht kënnen ze ginn, muss den initiale Studium op der Uni.lu ugepasst ginn. Den Enseignant brauch, nieft der pädagogescher Grondausbildung, nämlech zousätzlech zolidd Kenntnisser a psychologesche Problemer, déi wärend der Pubertéit optriede kënnen, Léierstéierungen a Léierschwächten, souwéi der Orientatioun a Begleedung vu Jugendlechen an d'Beruffswelt. Eng generell Ausbildung op Master-Niveau géif deem méi gerecht ginn.

7. Dofir mussen Enseignanten aus der VP och fir all aktuell schonns ugebuede Masterprogrammer vun der Uni.lu kënnen zougelooss ginn.

8. D'Decharge fir eng Regence vun enger VP–Klass ze iwwerhuelen däerf net méi ënner 1,0 leien, fir esou dem tatsächlechen Aarbechtsopwand och gerecht ze ginn. Schliisslech ass et de Regent, deen an all CIS –Versammlung sëtzt a Rapporten iwwert de Schüler schreift, mat den Elteren an alle schoulesche (CIS, ESEB, SEPAS,...) an ausserschoulesche Servicer (Jugendgeriicht, Foyer, Psychologen, Traducteuren, Patron–de–Stagen,...) kommunizéiert. De Volume dovun ass grouss an dës Aarbecht muss respektéiert a valoriséiert ginn.

9. De MENJE muss am Sënn vun der Chancegerechtegkeet vum Schüler sécher stellen, datt landeswäit e vergläichbaren Aarbechtsvolume pro Modüll verlaangt gëtt. Dofir muss den Enseignant méi Upaken a Form vu konkrete Modeller kréien, un deenen en sech orientéiere kann, wann e säi Cours opstellt an Aufgabe fir an de Schülerdossier auswielt. Och Modeller vun nationalen Astufungstester oder Modüllstester, wéi et se fréier emol gouf, wären hei eng Upak fir den Enseignant. Erënnert sief hei nach emol dorunner, datt et an deene meeschte Fächer keng auslännesch Bicher ginn, déi de Programm an der Lëtzebuerger VP 1:1 ofdecken.

10. D'Titulairë vu VP–Klasse solle kënne vun enger méi transparenter a méi flexibeler Budgetsplanung an enger méi einfacher Handhabung vun engem «Bon de Commande» profitéiere. Et soll net däerfen esou wäit goen, datt Enseignanten aus der eegener Täsch Sue virstrecke mussen, fir datt de Cours iwwerhaapt ka funktionéieren. Sou zum Beispill Kichenatelieren, wou Liewensmëttelen net wäit am Viraus kënne kaaft ginn, fir datt se net verdierwen, a wou d'Präisdeierecht oft den aviséierte Budget sprengt. Eng méi flexibel Handhabung vum Budget erlaabt et schliisslech dem Enseignant och besser, flott Projete mat externe Leit (wéi zum Beispill Theaterpädagogen oder Bicherauteuren) jee no Besoin an Aktualitéit plangen ze kënnen.

11. All neit Schoulgebai soll esou konzipéiert sinn, datt de VP–Schüler, deen Accès op eng 5AD oder eng Orientatioun op eng CIP / COP–Klass krut, och d'Méiglechkeet huet, am selwechte Schoulgebai an deemno am gewinnten Ëmfeld ze bleiwen. Des Weidere solle keng Ateliersäll zu Schoulsäll ëmfunktionéiert ginn.

| | |
|---|---|
| PERIODIQUE | P&T LUXEMBOURG |
| Envois non distribuables à retourner à: L-3290 BETTEMBOURG | Port payé PS/161 |